Gemengerot

# vum 23 Mee 2025

**Present:** de Buergermeeschter Félix Eischen (CSV) an d'Schäffe Marc Bissen (LSAP) a Romain Kockelmann (CSV), d'Gemengeconseillere Larry Bonifas (déi gréng), Guy Breden (CSV), Maryse Frantzen (DP), Cheryl Geschwind (CSV), Natacha Koch (CSV), Guy Kohnen (CSV), Patrick Krecké (DP) Claudine Meyer-Deitz (LSAP), Max Molitor (LSAP) a Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)

**Entschëllegt:** /

**Ufank vun der Sëtzung:** 08.30 Auer

All Punkte vum Ordre du Jour goufen eestëmmeg ugeholl, ausser d'Punkten 8, 13, 17, 21.4.

## ËFFENTLECH SËTZUNG

## KOMMUNIKATIOUNEN

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)**, begréisst d'Membere vum Gemengerot zur Sëtzung vum 23ten Mee 2025. Den Ordre du jour gëtt eestëmmeg ugeholl.

**D'Madame Nathalie Noesen-Heintz (LSAP)**, invitéiert de Gemengerot op de Springfield Festival deen de 24ten Mee um 11 Auer ufänkt. Et ass e flotte Programm opgestallt ginn an et ass fir jiddereen eppes dobäi och fir grouss a kleng Kanner. D'Sponsoren an all déi Leit déi dëst Event erméiglече kréien e grousse Merci ausgeschwat.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)**, deelt mat datt de Chantier vum SICA fir den neie Ressource Zenter gutt viru geet an dass an deem Kontext den 11ten Juni um 11 Auer eng Straussfeier wäert stattfannen. Ugangs der Woch hat d'Kommissioun fir Surveillance eng Reunioun am CIPA Mamer, wou d'Gemeng Kielen 14 Zëmmeren huet. Effektiv, stinn aktuell insgesamt 15 Zëmmeren eidel opgrond vun engem Manktem u Personal. Wärend der Reunioun gouf festgestallt datt 6 Zëmmeren, no den aktuelle Bestëmmungen, net méi konform sinn. Déi Zëmmere sinn ze kleng a vun der Architektur hir net mei konform a kënnen dofir net méi beluecht ginn. D'Kommissioun fir Surveillance suggeréiert de Responsabele vum CIPA Mamer dës Problematik bei der Gemeng, déi jo Proprietaire vum Gebai ass, ze mellen, fir dat déi Räim eng aner Affectatioun kréien oder eventuell zesumme geluecht ginn. Par contre, ass et net novollzéibar dat déi Räim eidel stinn. Et ännert awer näischt drun dat de CIPA Mamer mat enger Personalpolitik fiert déi relativ komplizéiert a schwéierfälleg ass. Den Här Guy Kohnen huet och de Projet vum CIPA Äischen ugeschwat, fir deen de selwechte Gestionnaire zoustänneg ass a bei deem d'Gemeng Kielen sech och akaf huet. Bei dësem Projet gëtt et e Retard well de Plättechersleeër a Faillite ass. Do virdrunner gouf et schonns eng Faillite mat der Entreprise déi de Lino sollt verleeën, mä dee Retard deen do entstanen ass gouf opgeholl. Aktuell, huet dee ganze Rez-de-Chaussée keng Plättercher an dofir wäert dëst Gebai kuerzfristeg net kënnen a Betrib goen. Den CIPA Mamer huet e Rendez-vous mam Schäfferot vun der Gemeng Kielen den 2 Juni 2025.

Am OSCM (*office social commun à Mamer*) war dës Woch eng Reunioun, wou d'Zuele vun 2024 virgeluecht ginn si. 2023 war eng liicht Baisse vun den Demandë fir d'Aidë well d'Assistant-sociallen gebiede goufen déi Dossiere méi riguréis ze traitéieren, zumools wa Leit verschidde Piècë refuséiere vir ze leeën. 2024 war erëm eng liicht Hausse, se ass awer wäit vun 2021 an 2022 ewech. Insgesamt waren et 1489 Demandë fir Aiden aus 420 verschidde Stéit an dovu 55 aus der Gemeng Kielen. Et waren insgesamt 1503 net finanziell Demanden aus 7 Gemengen, (fir an déi sozial Epicerie akafen ze goen oder Tickete fir den Tiers payant social, …), wat eng considerabel Hausse ass. 1/3 vun den Demandeuren si Lëtzebuerger, 38% Europäer, wou d'Majoritéit portugisescher Hierkënft ass an 20% ausserhalb vun Europa.

**Den Här Guy Kohnen (CSV)** gëtt nach Informatioune betreffend d'Logementer. Den OSCM huet 15 abordabel Logementer déi de Moment scho beluecht sinn, 6 sinn an der Gemeng Kielen, 9 zu Bartreng an am Hierscht kommen der 19 zu Mamer bäi. Et gouf och ee Projet fixéiert fir eng „Gestion locative sociale". Fir dësen ze realiséiere gëtt e besteeënd Haus, dat eidel steet, zur Verfügung gestalt an an d'Rei gesat. Dëst Haus gëtt vum OSCM no de Critèrë vun der „Gestion locative sociale", verlount. Fir dat alles ze geréiere gëtt zousätzlech Personal gebraucht. Deemno gëtt intern gekuckt op d'Personal vum OSCM recrutéiert gëtt oder iwwert e Vertrag mam Roude Kräiz. Finanzéiert gëtt dat Ganzt mat de Sue vun der „*Œuvre* Nationale de Secours Grande-Duchesse Charlotte" an do sinn de Moment 843.000€ an der Keess, sou dat finanziell awer eng gutt Marge besteet fir déi ganz Projeten iwwert d'Bün ze kréien.

Eppes wat dem OSCM awer bësse Suerge mécht, ass déi grouss Hausse vun den Demandeure fir eng „Adresse de référence" ze kréien. Et ware 34 Demanden am Joer 2024 an dëst stellt fir d'Assistant-sociallen eng grouss Belaaschtung duer an d'Tendenz geet relativ kräfteg no uewen.

**Den Här Félix Eischen, Buergermeeschter (CSV)** informéiert iwwert de Chantier virun der Gemeng fir d'30er Zon. Dat ass ee Chantier deen sech viraussichtlech iwwer 6-7 Méint zitt. D'Aarbechte lafe ganz gutt a ganz séier un. D'Gemeng probéiert ëmmer dass een Accès op de Parking vis-à-vis besteet, well dëse net nëmme wichteg ass fir d'Leit déi op d'Gemeng komme mee och fir d'Commerce. Wann et esou wäit kënnt datt zur anerer Säit, méi no zum chineesesche Restaurant hin, geschafft gëtt, da gëtt den Accès op de Parking via Juddegaass garantéiert. Dass de Parking ganz zou ass oder guer net accessibel ass, ass 1 oder 2 Deeg méiglech, mee viraussichtlech net méi.

De Jumelage tëschent Kielen a Meckenbeuren gouf frësch zementéiert. De leschte Weekend, ass nämlech eng ganz grouss Delegatioun vun der Musek a vum Gemengerot, respektiv vun hire Jumelage Comité vun e Freide bis e Sonden op Kiele komm. Et waren 3 ganz flotter an intensiver Deeg. All Mënsch war zefridden an d'Gemeng Kielen huet och ee Feedback vum Buergermeeschter vu Meckenbeuren kritt deen am Numm vun der ganzer Gemeng Meckenbeuren och Merci seet fir déi fantastesch Zäit a fir den Accueil deen d'Gemeng Kielen fir si organiséiert huet. Do huet net nëmmen d'Gemeng, als Gastgeber, mä och de Comité de Jumelage sech excellent verkaf. Den Här Félix Eischen schwätzt e grousse Merci aus, am Numm vun der Gemeng fir déi Leit aus dem Regiebetrib déi am Musekssall immens gutt Aarbecht geleescht hunn. Et ass bis déi läscht Minutt éier d'Bussen an d'Broutgaass era gefuer si, geschafft ginn. De Musekssall ass net 100% fäerdeg, et feelen nach déi eng oder aner Dier, mä dëse presentéiert sech elo no den Aarbechte flott, funktionell a konform. Dofir seet de Buergermeeschter nach eng Kéier all deene Leit déi do matgeschafft hunn, dem Regiebetrib souwéi och dem Här Kockelmann Merci.

## 1. Deklassement vu Parzellen

### 1.1. Rue de Capellen zu Ollem

D'Gemeng Kielen proposéiert d'Parzell n°643/2475, Plaz, mat enger Surface vun 0,79 Ar an d'Parzell n°643/2476, Plaz, mat enger Surface vun 0,94 Ar, Sektioun B vun Ollem, geleeën um Uert „rue de Capellen", déi sech tëschent der Strooss a privat Proprietéit befannen ze verkafen. Mä et ass wichteg ze erwänen dass dës Parzellen als éischt vum „domaine public communal" an den „domaine public privé" mussen ëmklasséiert gi fir dass se kënne verkaf ginn. Deemno decidéiert de Gemengerot déi genannte Parzellen ze deklasséieren.

### 1.2. Rue de l'École à Nospelt

D'Gemeng Kielen proposéiert d'Parzell n°174/5274, Plaz, mat enger Surface vun 0,11 Ar an d'Parzell n°175/5278, Plaz, mat enger Surface vun 0,58 Ar, Sektioun C vun Nouspelt, geleeën um Uert „Rue de l'École", déi sech tëschent der Strooss a privat Proprietéit befannen ze verkafen. Mä et ass wichteg ze erwänen dass dës Parzellen als éischt vum „domaine public communal" an den „domaine public privé" mussen ëmklasséiert gi fir dass se kënne verkaf ginn. Deemno decidéiert de Gemengerot déi genannte Parzellen ze deklasséieren.

## 2. Compromisen/Kontrakter/ Konventiounen

### 2.1. Kafvertrag fir de Verkaf vu Containeren

De Gemengerot approuvéiert de Kafvertrag deen den 2ten Abrëll 2025 tëschent de Gemenge Kielen a Stengefort, vertrueden duerch hier jeeweileg Schäfferéit, ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Kafvertrag verkeeft d'Gemeng Kielen verschidde Modeller vu Containere fir e Montant vun 80.000,00€.

### 2.2. Konventioun iwwer eng Servitude mat der SES (Syndicat des Eaux du Sud à Koerich)

Vu datt d'SES d'Konventioun iwwer eng Servitude bezüglech der neier Leitung DN3000 aus Stol bis bei d'Waasserschlass an de Reservoir vu Mamer net mat Zäit ënnerschreiwe konnt, gëtt dëse Punkt op eng spéider Sëtzung verluecht.

### 2.3. Compromis fir d'Vente vun zwou Parzellen an der „Rue de Capellen" zu Ollem

De Gemengerot approuvéiert de Compromis deen tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der Madame Margot Yvonne Bichler de 6ten Mee 2025 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis, verkeeft d'Gemeng Kielen der Madame Margot Yvonne Bichler d'Parzell n°643/2475, Plaz, mat enger Surface vun 0,79 Ar an d'Parzell n°643/276, Plaz, mat enger Surface vun 0,94 Ar, béid geleeën um Uert „Rue de Capellen" Sektioun B vun Ollem fir e Montant vu 86.500,00€.

### 2.4. Compromis fir d'Vente vun zwou Parzellen an der „Rue de Kopstal" zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert de Compromis n°2025/1/6/CP deen tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an dem Maître Carmen Rimondini, Affekotin a Curateur vun der Faillite vun der Societéit BATISELECT S.A. den 21ten Mee 2025 ënnerschriwwe gouf. Unhand vun dësem Compromis, keeft d'Gemeng Kielen d'Parzell n°2040/7046 an d'Parzell n°2040/7045, béit Strooss, mat jeeweils enger Surface vun 0,83 Ar a 0,17 Ar, geleeën um Uert „Rue de Kopstal", Sektioun A vu Kielen fir e Montant vun 1.000,00€.

## 3. Offiziell Benennung vun enger Strooss an der Gemeng Kielen

D'Gemengeverwaltungen si kompetent fir d'Benennung vun de Lokalitéiten an de Stroossen a fir d'Attributioun vun den Nummere vun de Gebaier déi gebaut ginn. De Schäfferot proposéiert also d'N12 tëscht dem Uert „Quatre-Vents" an den territoriale Limitte mat der Gemeng Koplescht, „route de Luxembourg" ze nennen. De Gemengerot approuvéiert dës Propos.

## 4. Confirmatioun vun dréngende Verkéiersreglementer vum Schäfferot

De Gemengerot confirméiert 6 dréngend Verkéiersreglementer vum Schäfferot, nämlech an der rue de Nospelt zu Kielen fir Aarbechten un engem besteeënden Zebrasträife fir dëse konform ze setzen, nieft dem Haus n°9, dëst ab dem 7ten Abrëll 2025 bis de 27ten Juni 2025; op der Kräizung tëschent der „rue de Kehlen" an der „rue de Kopstal" zu Kielen wéinst Aarbechte fir d'Reamenagement vun der Kräizung, dëst ab dem 28ten Abrëll 2025 bis zum Ofschloss vun den Aarbechten; an der „Juddegaass" zu Kielen virum Gebai 6 fir Uschlossaarbechten un de Kanal, dëst ab dem 2ten Mee 2025 bis den 30ten Mee 2025; an der „rue de Mamer" zu Kielen wéinst Aarbechten am Bauingenieurswiesen am Kader vun der d'Kreatioun vun der Zon 30 ab dem 19ten Mee 2025 bis den 28ten Mee 2025; a verschidde Stroossen vun der Cité Hueseknäppchen zu Ollem fir Preparatiounsaarbechten, Montage an Demontage vum 22ten Mee 2025 bis de 27ten Mee 2025; an der Rue de Capellen zu Ollem fir den Ustrach vum Zebrasträife virun de Gebaier n°9 et n°12, ab dem 19ten Mee bis den 23ten Mee 2025.

## 5. Dekonte fir ausseruerdentlech Aarbechten

De Gemengerot approuvéiert déi aacht Dekonten sou wéi se presentéiert goufen a beoptraagt de Schäfferot dës Dekonte bei de Kont vun der Gemeng bäizeleeë fir bei der Prozedur vun der Ofrechnung, vun der ieweschter Autoritéit, als Preuve kënne genotzt ze gi fir déi agedroen Depensë kënnen ze justifizéieren, nämlech:

| No. | Libellé des travaux extraordinaires (devis approuvés) | Dépense effective |
|---|---|---|
| 1. | Aménagement d'un chemin de mobilité douce à Kehlen en prolongation de la rue de Kopstal (225.000,00€) | 198.237,84€ |
| 2. | Renouvellement et réaménagement de la voirie vicinale communale (364.386,50€) | 333.372,53€ |
| 3. | Aménagement et/ou réaménagement de parcours de fitness en la commune de Kehlen (100.035,00€) | 127.206,58€ |
| 4. | Rénovation et mise en peinture de l'intérieur et de la façade de l'église à Keispelt avec mise en état des alentours du cimetière (219.960,00€) | 189.720,40€ |
| 5. | Réaménagement du cimetière à Nospelt (121.410,90€) | 122.127,14€ |
| 6. | Aménagement d'aires de jeux (263.835,00€) | 332.436,39€ |
| 7. | Réaménagement du chemin de mobilité douce entre Kehlen et Olm (0,00€) | 63.678,95€ |
| 8. | Renouvellement de la couche de roulement sur la voirie vicinale communale avec réparation des trottoirs et travaux neufs de moindre envergure (276.552,90€) | 298.805,24€ |

## 6. Gemenge Crèche zu Keespelt

### 6.1. Dréngenden Ersatz vun der Chaudière – Devis an zousätzleche Kredit

De Gemengerot approuvéiert den Devis vun der Entreprise Mauduit vu Kielen datéiert op den 10ten Abrëll 2025 mat engem Total vun 42.933,44€ TTC. Dësen Devis ass fir den dréngenden Ersatz vun der Chaudière vun der Gemenge Crèche. De Gemengerot approuvéiert an dësem Zesummenhang nach en zousätzleche Kredit.

### 6.2. A Konformitéit setzen – Devis

De Gemengerot approuvéiert den Devis bezüglech der a Konformitéit setze vun der Gemenge Crèche zu Keespelt dee vum technesche Service den 12ten Mee 2025 opgestallt gouf fir e Montant vun 142.000,00€ ouni TVA (166.140,00€ TTC).

## 7. Projet Elmen

### 7.1. Avenant zur der Konventioun bezüglech der Verwierklechung vun den Infrastrukturen an dem Bau vun de Gebaier vum Lotissement Elmen 01 zu Ollem

De Gemengerot approuvéiert den Avenant, deen am Artikel 11 vun der initialer Konventioun virgesi war, bezüglech der Verwierklechung vun den Infrastrukturen an dem Bau vun de Gebaier vum Lotissement Elmen 01 zu Ollem deen de 7ten Mee 2025 tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot an der SNHBM (Société Nationale des Habitations à Bon Marché S.A.) vertrueden duerch hiren Direkter, den Här Guy Entringer, ënnerschriwwe gouf. Den Artikel 11 vun der genannter Konventioun bezüglech der Unzuel vun der Parkplaze gesäit vir dass Modalitéiten an Detailer dozou unhand vun engem Avenant gereegelt ginn. All déi aner Dispositioune bleiwen onverännert.

### 7.2. Taxereglement bezüglech den Tariffer fir déi ëffentlech Parkplazen

De Gemengerot decidéiert Taxereglement bezüglech den Tariffer fir déi ëffentlechen an iwwerdeckte Parkplaze, dat den 1ten Juli 2025 a Kraaft trëtt, respektiv ab deem Moment wou d'Gemeng Proprietaire vun dëse Parkplaze gëtt, ze approuvéieren. D'Tariffer si déi follgend:

| Durée | | Tarif |
|---|---|---|
| Tous les jours (Lundi – Dimanche) | < 2 heures | gratuit |
| Lundi - Vendredi | entre 07:00 heures et 19:00 heures | 2,00€ / heure |
| Lundi - Vendredi | entre 19:00 heures et 07:00 heures | 0,50€ / heure |
| Weekend (Samedi + Dimanche) + jours fériés | toute la journée | 0,50€ / heure |
| Tous les jours (Lundi – Dimanche) | Perte de ticket | 60,00€/jour |

### 7.3. Kontrakt fir Prestatiounen – Gestioun vum zentrale Parking am Quartier Elmen

De Gemengerot approuvéiert de Kontrakt fir Prestatiounen deen tëschent der Gemeng Kielen, vertrueden duerch hire Schäfferot, der SNHBM, vertrueden duerch hiren „Directeur général adjoint" (Société Nationale des Habitations à Bon Marché S.A.), dem Här Hendrik Rolvering an der Sociétéit Inidigo Park Luxembourg S.A., vertrueden duerch hiren „Directeur général", dem Här Dimitri Matsouka, de 14ten Mee 2025 ënnerschriwwe gouf. De Kontrakt reegelt d'Gestioun vum iwwerdeckten zentrale Parking, genannt „Jupiter", situéiert op 3, Groussgaass, L-8297 Ollem. Déi betraffe Parkplaze befannen sech um Site vum Projet Elmen, wou eng Zon mat ongeféier 75 private Parkplazen a eng Zon mat ongeféier 125 ëffentleche Plaze virgesäit.

## 8. Punktuell Modifikatioun vum PAP QE (plan d'aménagement particulier „quartier existant") vun der Gemeng Kielen

De Gemengerot decidéiert, op Propositioun vum Schäfferot, sech géint déi punktuell Modifikatioun vum PAP QE vun der Gemeng Kielen auszeschwätzen. Dëst erméiglecht der Gemeng den aktuellen Dossier unzepassen an d'Prozedur vun Ufank un ze relancéieren an dëst well trotz der vereinfachter Prozedur verschidde Reklamatiounen zur Kenntnis geholl gi sinn an och berücksichtegt gi sinn.

## 9. Donen/Subsiden

### 9.1. Don am Kader vum Projet „Assomption du Mont-Blanc"

De Gemengerot accordéiert dem Här Keyvan Safavi am Kader vum Sponsoring vum Projet „Assomption du Mont-Blanc" en Don vun 1.000,00€.

### 9.2. Don am Kader vum Programm 2025 vun der UGDA (Union Grand-Duc Adolphe)

De Gemengerot accordéiert der UGDA en Don vu 50,00€ fir dem Kommitee vum Patronage bäizetrieden an dëst am Kader vun der Organisatioun vu verschidden Eventer wärend dem Joer 2025 fir déi gesongen an instrumental Musek ze promovéieren.

## 10. Naturpakt – Konzept fir Gestioun zu Gonschte vun der Biodiversitéit vu Surfacen déi sech op oppener Landschaft befannen

De Gemengerot approuvéiert de Projet „Oppelandkonzept" deen sech iwwert e puer Joer zitt an dëst mam Zil de Punkt 3.1. vum Mesurëkatalog vum Naturpakt ze adoptéieren (adaptéiert Gestioun vun de Surfacen déi sech um Oppeland befannen, ausserhalb vum urbane Milieu, fir d'Biodiversitéit an den Ekosystem ze promouvéieren).

## 11. D'Iwwerhuele vum Depassement vun de Konte vun der ASBL Club Senior Kielen bezüglech den Exercicer 2022 an 2023 a speziale Kredit

De Gemengerot iwwerhëlt den Depassement vun de Konte vun der ASBL Club Senior Kielen bezüglech den Exercicer 2022 an 2023 an Héicht vun 23.793,40€ a stëmmt an deem Kontext e speziale Kredit vun deem selwechte Montant.

## 12. Lotissementer

### 12.1. Lotissement vun enger Parzell situéiert an der „rue du Moulin" zu Dondel

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement dee virgesäit d'Parzell, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ënnert der Nummer 6/769 ageschriwwen ass, Sektioun D vun Dondel, mat enger Fläch vun 30,71 Ar, an der „rue du Moulin", an dräi Lousen ze splécken, an zwar d'Lous 6/Lot 1, Plaz, d'Lous 6/Lot 2, Plaz, souwéi d'Lous 6/Lot 3, Plaz.

### 12.2. Lotissement vun enger Parzell situéiert an der „rue des Jardins" zu Ollem

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement dee virgesäit d'Parzell, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ënnert der Nummer 1/1622 ageschriwwen ass, Sektioun B vun Ollem, mat enger Fläch vun 30,78 Ar, an der „rue des Jardins", an zwee Lousen ze splécken, an zwar d'Lous Nummer 1 an d'Lous Nummer 2.

### 12.3. Lotissement vun enger Parzell situéiert an der „rue de Mamer" zu Kielen

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement dee virgesäit d'Parzell, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ënnert der Nummer 2569/5741 ageschriwwen ass, Sektioun A vu Kielen, mat enger Fläch vun 12,72 Ar, an der „rue de Mamer", an véier Lousen ze splécken, an zwar n°2569/X1, n°2569/X2, n°2569/X3 an n°2569/X4.

### 12.4. Lotissement vun enger Parzell situéiert an der „rue de Kopstal" zu Meespelt

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun engem Lotissement dee virgesäit d'Parzell, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ënnert der Nummer 1242/3356 ageschriwwen ass, Sektioun E vu Keespelt, mat enger Fläch vun 20,89 Ar, an der „rue de Kopstal", an dräi Lousen ze splécken, an zwar Lous 1 (3,95 Ar), Plaz, Lous 2 (3,95 Ar), Plaz, souwéi d'Lous 3 (12,66 Ar), Plaz.

### 12.5. Fusionéiere vu Parzellen an der „rue de Mersch" an an der rue Pierre Dupong zu Keespelt

De Gemengerot approuvéiert de Projet vun enger Fusioun dee virgesäit d'Parzellen, déi am Kadaster vun der Gemeng Kielen ënnert den Nummeren 275/3615, 275/3617, 275/3618 ageschriwwen si, Sektioun E vu Keespelt a Meespelt an der „rue de Mersch" an an der „rue Pierre Dupong", zu enger Parzell ze fusionéieren an zwar d'Nummer 275/xxx20.

## 13. Internt Reglement bezüglech der Prozedur fir d'Verdeelung vun de Kanner an déi verschidde Schoulklassen

Dëse Punkt war schonn um Ordre du jour vun der leschter Sëtzung, a well den Avis vun der Schoulkommissioun gefeelt huet, gouf decidéiert dëse Punkt op d'Sëtzung vun haut ze verleeën.

Den Avis ass positiv an e war an der Dokumentatioun vun de Membere vum Gemengerot.

Et goufen e puer Upassungen un d'Reglement vum Verdeele vun de Kanner an déi verschidde Klasse gemaach, dëst fir weiderhin ze probéieren, fir alles ze maache fir dass net eenzel Kanner an eng aner Schoul musse geschéckt ginn.

An e puer Artikelen (z. B. Artikel 2) goufen d'Dierfer iwwerschafft, aus dem einfache Grond, well d'nächst Schouljoer (ab Januar) d'Schoul wäert op e puer Sitte verdeelt sinn:

- De Precoce zu Ollem + Kielen
- D'Spillschoul zu Ollem, Elmen + Kielen
- De Cycle 2 zu Elmen + Kielen
- De Cycle 3 a 4 just zu Elmen

Eng grondleeënd Ännerung (Artikel 11) ass, dass d'Kanner net méi no all Cycle nei gemëscht ginn, mee erëm ewéi „fréier" vum éischte bis d'sechst Schouljoer zesummen an enger Klass bleiwen. Dëst stoung an der Circulaire vum Educatiounsministère iwwert d'Schoulorganisatioun an dat huet missten appliziéiert ginn och wann et net ëmmer glécklech ass.

Eng aner Ännerung ass, dass wann d'Situatioun kënnt wou Kanner vun Nouspelt mussen op Elmen an d'Schoul goen, dass net just fir d'éischt bei de potenzielle Geschwëster-Kanner no Fräiwëllege gekuckt gëtt, mee och direkt bei den Eenzelkanner. Dëst koum op Ufro vun Elteren déi zu Nouspelt wunnen an der d'Gemeng Rechnung gedroen huet (Artikel 14).

Déi selwecht Ännerung ass och am Artikel 15 appliziéiert, wat u sech dat selwecht ass, ebe just de „Contraire", wa Kanner vun Ollem missten ob Kielen affektéiert ginn.

Am Artikel 20 sti verschidden temporär Derogatiounen, dorënner

- dass an der Chrëschtvakanz op Elmen geplënnert gëtt
- dass de Cycle 2 ob Elmen a Kielen gespléckt gëtt an de Cycle 3 a 4 integral ob Elmen ginn an do och hire Primärschoulwee da färdeg maache wäerten. Dëst gëtt der Gemeng Zäit d'A a B Gebaier ze renovéieren an d'Effektiver déi „no wuessen" (also vum Cycle 2 deen zu Kielen bleift) no an no opzefänken.

Fir nach weider ze verhënneren dass d'Gemeng mat Nouspelter Kanner misste Klasse fëllen, gouf am Artikel 20 nach eng relevant temporär Mesür festgehal: aktuell gesäit et aus wéi wann zu Elmen eng Ronn 20 Kanner am éischte Schouljoer wären an och 20 Kanner am zweete Schouljoer. Dëst sinn Zuele wou effektiv misst op Kanner vun Nouspelt zeréckgegraff gi well e Schouljoer mat 20 Kanner an enger Klass unzefänken, einfach vu vir eran ze vill ass, a wann ee géif (jeeweils) 2 Klassen draus maachen, wär dat ze wéineg (10 Kanner pro Klass). Dofir gouf festgehal, dëst no Ofschwätze mat der Schoul an der Schouldirektioun, dass zu Elmen Cycles-Klasse kéinten organiséiert ginn, also d'éischt an d'zweet Schouljoer zesummeleeën. Dat bedeit dann, dass déi 20 + 20 Kanner = 40 Kanner, ob 3 Klasse verdeelt géinge ginn, mat Effektiver vun 13 oder 14 Kanner. Ob dat elo 3 där gemëschte Klasse ginn, oder ee „richtegt" éischt Schouljoer, een „richtegt" zweet Schouljoer a just eng Mëschklass,

gouf nach net definitiv festgeluecht, dat gëtt e bëssen ofhängeg gemaach vum Schoulpersonal, déi déi déi Klassen herno wäerten iwwerhuelen (et ass wichteg dass Leit mat enger gewëssener Experienz sou eng Klass wäerte geréieren).

### *14. Musekschoul Kielen – Schoulorganisatioun 2025/2026*

Wärend senger Sëtzung vum 10ten Juli 2015, huet de Gemengerot d'Konventioun iwwert d'regional Kooperatioun, déi den 1ten Juli 2015, vun de Schäfferéit vun de Gemenge Bartreng, Garnech, Habscht, Kielen, Käerch, Koplescht, Leideleng, Mamer, Simmer, Stengefort a Stroossen, déi iwwert d'Kreatioun vun der regionaler Museksschoul Westen handelt, a vum Inneministère de 16ten November 2015 ënnert der Nummer 57/15/CAC (45805) approuvéiert gouf, gutt geheescht. Dës Konventioun gesäit a sengem Artikel 3, bezüglech der Organisatioun vun de Musekscoursë vir, dass d'Gemeng Bartreng järlech virum 1ten September iwwert d'Organisatioun vun de Musekscoursen, ënner Berücksichtegung vun de Coursen déi an deenen anere Gemengen organiséiert ginn, fir dat nächst Joer ofstëmmt. Deemno, hält de Gemengerot déi provisoresch Schoulorganisatioun fir d'Museksschoul an der Gemeng Kielen fir d'Schouljoer 2025/2026 fest. De Gemengerot vun der Gemeng Bartreng wäert endgülteg iwwert d'Organisatioun vun de Musekscoursë fir dat künfteg Schouljoer, ënner Berücksichtegung vun de Coursen déi an der Gemeng Kielen organiséiert ginn, deliberéieren.

### *15. Kommissiounen*

#### *15.1. Verkéierskommissioun: Demissioun vun engem Member*

Unhand vu sengem Bréif vum 2ten Abrëll 2025, huet den Här Félix Thill der Gemeng Kielen seng Demissioun als Member vun der Verkéierskommissioun zoukomme gelooss. Doropshin, approuvéiert de Gemengerot Demissioun vum Här Félix Thill als Member vun der genannter Kommissioun.

#### *15.2. Kulturkommissioun: Demissioun vun engem Member*

Unhand vu sengem Bréif vum 2ten Abrëll 2025 huet den Här Félix Thill der Gemeng Kielen seng Demissioun als Member vun der Kulturkommissioun zoukomme gelooss. Doropshin, approuvéiert de Gemengerot Demissioun vum Här Félix Thill als Member vun der genannter Kommissioun.

#### *15.3. Verkéierskommissioun: Ernennung vun engem Member*

Déi Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV) proposéiert den Här Michel Engels als Member vun der Verkéierskommissioun ze nennen. Doropshin, ernennt de Gemengerot, unhand vun engem geheime Vott, den Här Michel Engels als Member vun der genannter Kommissioun, déi sech deemno follgendermoossen aus 12 Memberen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction | Localité |
|---|---|---|---|---|
| 1 | URBING Kevin | CSV | Secrétaire | Nospelt |
| 2 | ENGELS Michel | CSV | membre | Olm |
| 3 | MATIAS TRIGO Afonso Filipe | CSV | membre | Olm |
| 4 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | LSAP | Président | Keispelt |
| 5 | BRONDEN Daniel | LSAP | membre | Olm |
| 6 | DA COSTA ROSA Ricardo | DP | membre | Keispelt |
| 7 | VOEGELI Luc | déi gréng | membre | Kehlen |
| 8 | RIES Julien | neutre | membre | Olm |
| 9 | WAGENER Marc | neutre | membre | Nospelt |
| 10 | PICARD Marc | neutre | membre | Kehlen |
| 11 | GOEDERT Tom | neutre | membre | Keispelt |
| 12 | PELLER Franky | neutre | membre | Kehlen |
| 13 | *vacant* | neutre | membre | |

#### *15.4 Kulturkommissioun: Ernennung vun engem Member*

Déi Chrëschtlech-Sozial Vollekspartei (CSV) proposéiert den Här Paul Reding als Member vun der Kulturkommissioun ze nennen. Doropshin, ernennt de Gemengerot, unhand vun engem geheime Vott, den Här Paul Reding als Member vun der genannter Kommissioun, déi sech deemno follgendermoossen aus 13 Memberen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction | Localité |
|---|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire | Olm |
| 2 | REDING Paul | CSV | Membre | Dondelange |
| 3 | MATIAS TRIGO Afonso Filipe | CSV | Membre | Olm |
| 4 | NOESEN-HEINTZ Nathalie | LSAP | Présidente | Keispelt |
| 5 | DREWS Frank | LSAP | Membre | Nospelt |
| 6 | KRECKÉ Patrick | DP | Membre | Nospelt |
| 7 | ÇIÇEK Canan | déi gréng | Membre | Olm |
| 8 | WACKERS Marie Paule | neutre | Membre | Nospelt |
| 9 | ADAM Joël | neutre | Membre | Kehlen |
| 10 | GERGES André | neutre | Membre | Dondelange |
| 11 | SUYS Willy | neutre | Membre | Kehlen |
| 12 | NOESEN Philippe | neutre | Membre | Keispelt |
| 13 | EICHER-SCHMITT Myriam | neutre | Membre | Kehlen |

### 15.5 Inclusiounskommissioun: Ernennung vun engem Member

D'Lëtzebuerger Sozialistesch Aarbechterpartei (LSAP) proposéiert den Här Bob Gebele als Member vun der Inclusiounskommissioun ze ernennen. Doropshin ernennt de Gemengerot, no engem geheime Vott, den Här Bob Gebele als Member vun dëser Kommissioun déi sech deemno aus follgenden 13 Memberen zesummesetzt:

| N° | Nom / Prénom | | Fonction | Localité |
|---|---|---|---|---|
| 1 | SCHWARZ Sandy | CSV | Secrétaire | Olm |
| 2 | KOHNEN Guy | CSV | Membre | Nospelt |
| 3 | MEIS Sandy | CSV | Membre | Kehlen |
| 4 | REHLINGER Sandra | LSAP | Présidente | Kehlen |
| 5 | GEBELE Bob | LSAP | Membre | Kehlen |
| 6 | CASEY Wendy | DP | Membre | Keispelt |
| 7 | BONIFAS Larry | déi gréng | Membre | Nospelt |
| 8 | PEREIRA-PACIOTTI Patrizia | neutre | Membre | Olm |
| 9 | LIESCH Camille | neutre | Membre | Olm |
| 10 | RIEDEL-MAHR Nora | neutre | Membre | Keispelt |
| 11 | LINK Marie-Claire | neutre | Membre | Nospelt |
| 12 | SOW Momar Tallar | neutre | Membre | Kehlen |
| 13 | MARTIN Paul | neutre | Membre | Kehlen |

## *16. Kommitee vum Jumelage – Ernennung vun engem Member*

Den Här Kevin Urbing huet seng Kandidatur agereecht. Deemno, ernennt de Gemengerot, unhand vun engem geheime Vott, den Här Kevin Urbing als Member a Vertrieder vum Secteur Commerce / Handwierk an de Kommitee vum Jumelage a stellt fest, datt de Kommitee vum Jumelage follgendermoossen zesummegesat ass:

| | |
|---|---|
| Parti politique CSV | M. Lucien KOCH |
| Parti politique LSAP | Mme Anne ZEIHEN |
| Parti politique DP | Mme Maryse FRANTZEN |
| Parti politique déi gréng | Mme Josette CLEMENS |
| Commission consultative communale du vivre-ensemble interculturelle | Mme Natacha KOCH |
| Commission consultative communale scolaire | M. Guy BREDEN |
| Commission consultative communale des affaires culturelles | vacant |
| Commission consultative communal des sports et loisirs | M. Massimo REGNO |
| Associations locales | Mme Marie-Anne KIEFFER-GIERES, Fanfare Kehlen |
| | M. Marc MAAS, Gaart an Heem Kielen-Ollem |
| | M. Willy SUYS, Photothéik |
| | M. Nico HAMES, Cycles comiques Olm |
| | M. André GERGES, Frënn vum Brennereimusée |
| | Mme Marie-Jeanne SCHMIT, Gaart an Heem Kielen-Ollem |
| | Mme Sarah DELCOURT, My Elmen asbl |
| | Mme Olivia SPARAPANO, My Elmen asbl |
| Commerce / Artisanat | M. Kevin URBING |
| Jeune 16-25 ans | vacant |
| Jeune 16-25 ans | vacant |
| Corps enseignant | Mme Anouk SCHINTGEN |
| CGDIS | M. Michael FORD |

### *17. Verwaltung vun der Gemeng Kielen – Kreatioun vun engem Poste fir e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir den technesche Service*

De Gemengerot schaaft e Poste fir e Gemengenemployé fir d'Besoine vum technesche Service an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp technesche Service.

## GESCHLOSSE SËTZUNG

### *18. D'Ernenne vun engem Kandidat als neie Schäffe fir dëse kënnen ze proposéiere fir vum Innenminister genannt ze ginn*

De Gemengerot ernennt e Kandidat als neie Schäffe fir dëse kënnen ze proposéiere fir vum Innenminister genannt ze ginn.

### *19. Peronalugeleeënheeten – Verwaltung*

#### *19.1. Demissioun vun engem Gemengebeamten an der Kategorie A, Loungrupp A2, Ënnergrupp Administratives vum Service vum Personal*

De Gemengerot approuvéiert déi fräiwëlleg Demissioun vun engem Gemengebeamte vum Service vum Personal déi ab dem 1ten Juni 2025 a Kraaft trëtt.

#### *19.2. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives fir den technesche Service*

De Gemengerot ernennt, no engem geheime Vott, ee Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

#### *19.3. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives vum technesche Service*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28 Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 9, 1ten Echelon, 218 Punkten an dëst an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives.

#### *19.4. Ernennung vun engem Gemengenemployé fir d'Recette communale an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives*

De Gemengerot ernennt, no engem geheime Vott, e Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives

#### *19.5. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives vun der Recette communale*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 10, 4ten Echelon, 278 Punkten an dëst an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Administratives.

#### *19.6. Decisioun fir e Klassement vun engem Gemengenemployé an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp wëssenschaftlech an technesch fir den technesche Service*

De Gemengerot decidéiert, no der Applikatioun vum Artikel 19 vum geännerte Groussherzogleche Reglement vum 28ten Juli 2017 betreffend dem Regime an den Indemnitéite vun de Gemengenemployéen, d'Klassement vun de Funktioune vun engem Gemengenemployé an de Grad 14, 1ten Echelon, 360 Punkten an dëst an der Kategorie A, Loungrupp A1, Ënnergrupp Wëssenschaftlech an Technesch.

### *20. Service d'éducation et d'accueil communal pour enfants (SEA)*

#### *20.1. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, LounguppC1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé aus senger Positioun an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales ab dem 1ten Juli 2025.

#### *20.2. Demissioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot approuvéiert Demissioun vun engem Gemengenemployé aus senger Positioun an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales ab dem 1ten Oktober 2025.(de leschten Schaffdag ass den 30 September 2025)

#### *20.3. Ernennung vun engem Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot ernennt unhand vun engem geheime Vott en Educateur diplômé fir de SEA vun der Gemeng Kielen mat enger Tâche vu 75% (30 Stonne pro Woch) ënnert dem Statut vum Gemengenemployé an der Kategorie B, Loungrupp B1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales

#### *20.4. Demande fir d'Pensioun vun engem Gemengenemployé an der Kategorie C, Loungrupp C1, Ënnergrupp Erzéiung a Psycho-Soziales*

De Gemengerot accordéiert déi éierbar Demissioun vun engem Gemengenemployé aus de Funktioune vum SEA vun der Gemeng Kielen, ab dem 1ten Januar 2026 fir säi Recht op Pensioun geltend ze maachen, mat engem Merci fir déi gutt an trei Déngschter.

### *21. Enseignement - Propositioune fir Reaffektatiounen*

#### *21.1. Cycle 1 SUR 100% 2025/2026 - 1 Posten*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 1 SUR 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

#### *21.2. Cycle 1 100% 2025/2026 - 1 Posten*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 1 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

#### *21.3. Cycle 1 100% 2025/2026 - 1 Posten*

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 1 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.4. Cycle 1 100% - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 1 100%) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.5. Cycle 1 100% - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 1 100%) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.6. Cycle 1 100% - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 1 100%) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.7. Cycle 2-4 SUR 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 SUR 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.8. Cycle 2-4 SUR 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 SUR 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.9. Cycle 2-4 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.10. Cycle 2-4 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.11. Cycle 2-4 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.12. Cycle 2-4 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.13. Cycle 2-4 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.14. Cycle 2-4 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.15. Cycle 2-4 100% 2025/2026 - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100% 2025/2026) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.16. Cycle 2-4 100% - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100%) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.17. Cycle 2-4 100% - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100%) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.18. Cycle 2-4 100% - 1 Posten

No engem geheime Vott proposéiert de Gemengerot dem Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, e Kandidat um fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 100%) ab dem Schouljoer 2025/2026 ze reaffektéieren.

### 21.19. Cycle 2-4 50% 2025/2026 – 1 Posten

De Gemengerot hëlt zur Kenntnis, datt keng Kandidatur fir de fräie Poste vun engem Schoulmeeschter (Cycle 2-4 50% 2025/2026) agereecht gouf an de Poste weiderhi vakant bleift.